ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Februar 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro (Art. 84 vum Chamberreglement) un den Här Verdeedegungsminister weiderzeleeden:

Den 20. Februar huet déi lëtzebuergesch Europadeputéiert vun „déi gréng" zesumme mat anere Gréngen aus dem Europaparlament zu Kleine-Brogel an der Belsch géint déi amerikanesch Atomwaffe protestéiert. Wéi et aus Presseberichter heescht, wären si kuerz no 08 :00 Auer moies iwwert den Zonk vun der genannter Militärbasis geklommen a goufe géint 08:30 Auer festgeholl.

An enger Pressematdeelung vun „déi gréng" vum selwechten Dag heescht et, d'Aktioun hätt als Zil „(...) einen Abzug US-amerikanischer Atomwaffen aus Europa zu fordern. " Op anerer Plaz heescht et vun deene Gréngen, datt d'NATO an der nuklearer Ofrëschtung eng eesäiteg Virleeschtung brénge soll, an déi Russesch Federatioun sollt dann nozéien.

An deem Kontext géif ech gär folgend Fro un den Här Verdeedegungsminister stellen:

1. Ass d'Lëtzebuerger Regierung der Meenung, datt et zu enger eesäiteger Virleeschtung vun der NATO soll kommen, fir eng nuklear Ofrëschtung an Europa ze erliichteren?
2. Wéi beuerteelt de Verdeedegungsminister d'Verletzung vun enger militärescher Sécherheetszon duerch eng Deputéiert?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique